N°2416
Entrée le 30.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 2416 vum 5. Juni 2025 vum honorabelen Députéierte Marc Goergen zum Sujet "Scandale de corruption au niveau communal"**

**Wat ënnerhelt den Inneminister, fir, dass esou Machenschaften op Gemengeniveau sech net wärte widderhuelen ?**

De Statut vun de Gemengefonctionnairë gesäit vir, dass all Fonctionnaire d'Flicht huet fir seng Gemeng disponibel ze sinn. Si mussen ausserdem onofhängeg an neutral sinn. Dofir verbitt de Statut de Fonctionnairen ausdrecklech fir enger bezuelter oder net bezuelter Niewebeschäftegung fir eng aner Gemeng oder ee Gemengesyndikat nozegoën, déi net kompatibel ass mat engem gewëssenhaften a vollstännegen Ausüben vun den Obligatiounen vis-à-vis vun sengem Employeur oder déi net kompatibel ass mat senger Onofhängegkeet. All rémunéréiert Aktivitéit vun engem Fonctionnaire fir eng aner Gemeng oder ee Gemengesyndikat muss am viraus vum Schäfferot autoriséiert ginn.

E Fonctionnaire ass engersäits obligéiert fir de Statut ze respektéieren a steet anerersäits ënnert der Kontroll vum Schäfferot wann et ëm Niewebschäftegungen geet. De Schäfferot kann dem Fonctionnaire eng Niewebeschäftegung refuséieren wann de Fonctionnaire doduerch riskéiert sengen Obligatiounen net gerecht ze ginn. De Schäfferot kann och eng Autorisatioun zreckzéien.

Meng Vigänger hun an de Rapporten zu de Gemengekonten vun de Joren 2017-2020, 23 Gemengen op Irrégularitéiten an hierer Comptabilitéit a Verbindung mat Niewebeschäftegungen vun engem Fonctionnaire higewisen. Doropshin hun déi besote Gemengen hierer Zesummenarbecht mat dem concernéierte Fonctionnaire en Enn gesat. Den deemolegen Inneminister huet dem Parquet d'Faiten dénoncéiert an et ass zu enger Condamnatioun vun der concernéierter Persoun komm. Ausserdem huet d'Stad Diddeleng eng Affaire disciplinaire lancéiert.

Et gi gesetzlech kloër définéiert Paiementsprozeduren op de Gemengen déi awer vun de Schäfferéit an deem viséierte Fall net ëmmer agehale gi sinn. De Buergermeeschter an d'Schäffen, déi irrégulär Dépensen ordonnéieren, kënne perséinlech dofir responsabel gemach ginn an den Inneminister kann, am Numm vun der Gemeng, eng Recouvrementsprozedur fir déi besoten Dépensen viru Geriicht lancéieren. Dovunner ass awer deemols net Gebrauch gemach ginn.

D'Affaire op déi sech den Deputéierten bezitt war deemols unique an hierer Art a Weis, an Envergure, an et si keng Unzeechen ginn fir ee méi breede Phänomen.

**Wéi eng Budgetsposten hunn déi verschidde Gemenge genotzt, fir déi illegal Aktivitéiten an dësem Fall ze bezuelen ?**

Am follgenden Tableau sinn d'Budgetsartikelen opgeléscht op deenen d'Paiementer un de betreffende Gemengebeamte gebucht goufen. Den Tableau bezitt sech net op alleguerten

d'Ausgaben déi un dee Beamte geriicht waren, mee just op déi Ausgaben déi zu Observatioune vum Inneminister am Kader vun de Kontroll vun de Gemengekonten gefouert hunn.

| N° | Article budgétaire | Code fonctionnel | Code comptable |
|---|---|---|---|
| 1 | 3/113/643400/Z/99001 Commissions consultatives - jetons de présence | 113 Commissions consultatives | 643400 Jetons de présence aux membres des commissions consultatives |
| 2 | 3/223/613488/Z/99001 Frais d'experts et frais d'étude | 223 Repas sur roues | 613488 Autres honoraires divers |
| 3 | 3/242/613481/Z/99001 Frais d'experts du comité d'accompagnement des structures d'accueil - MRE | 242 Maisons relais /Foyers scolaires | 613481 Honoraires de consultance externe et d'expertise |
| 4 | 3/242/613481/Z/99001 Honoraires de consultance externe et d'expertise | 242 Maisons relais /Foyers scolaires | 613481 Honoraires de consultance externe et d'expertise |
| 5 | 3/242/613488/P/99001 Autres honoraires divers | 242 Maisons relais /Foyers scolaires | 613481 Autres honoraires divers |
| 6 | 3/113/643400/Z/99001 Jetons de présences aux membres des commissions consultatives et légales | 113 Commissions consultatives | 643400 Jetons de présence aux membres des commissions consultatives |
| 7 | 3/242/642800/Z/99001 Indemnités - MRE | 242 Maisons relais /Foyers scolaires | 642800 Autres indemnités |
| 8 | 3/113/643400/Z/99001 Jetons de présence – commissions consultatives | 113 Commissions consultatives | 643400 Jetons de présence aux membres des commissions consultatives |
| 9 | 3/242/612110/Z/99001 Sous-traitance: Services d'experts / Etudes / Travaux | 242 Maisons relais /Foyers scolaires | 612110 Services d'experts / Etudes / Travaux |
| 10 | 3/120/613481/Z/99001 Honoraires de consultance externe et d'expertise | 120 Coordination administrative | 613481 Honoraires de consultance externe et d'expertise |
| 11 | 3/242/613481/Z/99001 Honoraires du consultant externe MRE | 242 Maisons relais /Foyers scolaires | 613481 Honoraires de consultance externe et d'expertise |
| 12 | 3/242/643800/Z/99001 Jetons de présence | 242 Maisons relais /Foyers scolaires | 643800 Autres jetons de présence |
| 13 | 3/242/618820/Z/99001 Formation du personnel d'encadrement et de soins | 242 Maisons relais /Foyers scolaires | 618820 Frais de formation |
| 14 | 4/242/221311/Z/11003 Extension du site scolaire "Gewännchen" pour les besoins de la maison relais | 242 Maisons relais /Foyers scolaires | 221311 Constructions à usage propre |

| | | | |
|---|---|---|---|
| 15 | 3/113/643300/Z/99001 Commissions consultatives - jetons de présence | 113 Commissions consultatives | 643300 Jetons de présence aux membres du personnel |
| 16 | 3/113/643400/Z/99001 Commissions consultatives - Jetons de présence | 113 Commissions consultatives | 643400 Jetons de présence aux membres des commissions consultatives |
| 17 | 3/111/643400 Jetons de présence aux commissions consultatives | 111 Organes politiques | 643400 Jetons de présence aux membres des commissions consultatives |
| 18 | 3/113/643400 Jetons de présence aux commissions consultatives | 113 Commissions consultatives | 643400 Jetons de présence aux membres des commissions consultatives |
| 19 | 3/242/618880/Z/99001 Maison Relais - Comité de pilotage | 242 Maisons relais /Foyers scolaires | 618880 Autres charges externes diverses à payer |
| 20 | 3/113/643400/Z/99001 Jetons de présence aux commissions consultatives | 113 Commissions consultatives | 643400 Jetons de présence aux membres des commissions consultatives |
| 21 | 3/242/615212/Z/99002 Frais de déplacements et de représentation - Personnel : Frais de route liés à l'utilisation de véhicules privés | 242 Maisons relais /Foyers scolaires | 615212 Frais de déplacements et de représentation – Personnel |
| 22 | 3/120/613410/Z/99002 Frais d'experts et frais d'études | 120 Coordination administrative | 613410 Honoraires juridiques |
| 23 | 3/242/642800/Z/99001 Indemnité conseiller (comité de pilotage) | 242 Maisons relais /Foyers scolaires | 642800 Autres indemnités |
| 24 | 3/111/643800/Z/99001 Indemnités du comité de pilotage des structures d'accueil | 111 Organes politiques | 643800 Autres jetons de présence |

**Ënnert wéi enge Budgetsposte goufen déi am Artikel genannten Akafsbonge gebucht ?**

Am follgenden Tableau sinn d'Budgetsartikelen opgelëscht op deenen d'Paiementer fir Akafsbonge gebucht goufen, déi fir de betreffende Gemengebeamte kaaft goufen. Och dësen Tableau bezitt sech just op Ausgaben, déi zu Observatioune vum Inneminister am Kader vun de Kontrolle vun de Gemengekonten gefouert hunn.

| N° | Article budgétaire | Code fonctionnel | Code comptable |
|---|---|---|---|
| 1 | 3/111/615243/Z/99001 Menues dépenses imprévues du collège échevinal | 111 Organes politiques | 615243 Menues dépenses imprévues du Collège des bourgmestre et échevins |
| 3 | 3/242/618880/Z/99001 Charges et frais divers de fonctionnement | 242 Maisons relais /Foyers scolaires | 618880 Autres charges externes diverses à payer |
| 3 | 3/111/615243/Z : Fonds à disposition du collège échevinal pour menues dépenses | 111 Organes politiques | 615243 Menues dépenses imprévues du Collège des bourgmestre et échevins |
| 4 | 3/111/615243/Z/99001 Menues dépenses imprévues du collège échevinal | 111 Organes politiques | 615243 Menues dépenses imprévues du Collège des bourgmestre et échevins |

**Sin dem Inneministère Indizien vun anere ähnleche Fäll bekannt a wéi geet den Inneministère vir, fir esou Fäll z'ënnersichen an ze verhënneren ?**

Nee, dem Inneministère si keng Indizien vun anere Fäll bekannt.

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN